N°3584
Entrée le 23.02.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes, de la Défense, de la
Coopération et du Commerce extérieur

**Äntwert vum Minister fir auswäerteg Ugeleeënheeten an Aussenhandel Xavier Bettel op d'parlamentaresch Fro n°3584 vun den honoraablen Deputéierten Här Fred Keup an der Madamm Alexandra Schoos**

1. **Spigelen d'Aussoe vum Här Bettel an dësem Interview d'Positioun vun der ganzer Regierung erëm, oder handelt et sech dobäi ëm eng perséinlech politesch Aschätzung vum Här Ausseminister?**
2. **Ass d'Iddi, datt Lëtzebuerg – respektiv den Här Bettel – eng vermëttelnd Roll am Dialog mat Russland kéint iwwerhuelen, formell am Regierungs- oder EU-Ministerrotproposéiert oder thematiséiert ginn? Wa jo, a wéi engem Kader a mat wéi engem Resultat?**
3. **Wéi hunn déi aner EU-Memberstaate respektiv d'EU-Institutiounen op dës Iwwerleeunge reagéiert? Gouf et explizit Ënnerstëtzung oder Ofleenung vis-à-vis vun enger méiglecher vermëttelnder Roll vum Här Bettel oder vu Lëtzebuerg?**
4. **Hält d'Regierung weiderhin un hirem Wonsch fest, op EU-Niveau en direkten Dialog mat Russland ze fërderen, och am Liicht vun de rezenten Aussoe vun der EU-Aussebeoptraagte Kaja Kallas, déi drop higewisen huet, datt d'EU aktuell net géif mat Russland verhandelen, well dës Roll scho vun den USA iwwerholl gi wär?**

A menger Funktioun als Ausseminister representéieren ech d'Lëtzebuerger Regierung an all sengen offiziellen an auswäertegen Engagementer.

D'Iddi, datt Lëtzebuerg eng vermëttelent Roll an der Kommunikatioun mat Russland kéint iwwerhuelen war keng Ausso, mee eng Fro vun der Journalistin.

Generell bleift den Dialog d'Fundament vun der Diplomatie, ouni datt dat zwangsleefeg zu Concessioune féiere muss. Datt op europäeschem Niveau *le moment venu* nees eng direkt Kommunikatioun mat Russland entsteet, wier eng Konsequenz aus den Entwécklungen iwwert déi läscht Méint. An dësem Kontext ass eng eenheetlech europäesch Stëmm, an enker Koordinatioun matt den Ukrainer an den USA, essentiel fir d'Zukunft vun Europa an eis eegen Interessen.

Lëtzebuerg, den 23. Februar 2026

Minister fir auswäerteg Ugeleeënheeten an Aussenhandel

(s.) Xavier Bettel